



# Carte blanche RTL radio lundi 31 mai 2021

Michel MAQUIL, Président InFiNe Luxembourg

## Version française

**Lorsque la pandémie de Covid-19 s'est déclarée, nous sommes tous partis de l'hypothèse que le virus allait affecter chacun de nous de la même manière, qu'on soit riche ou pauvre. Nous avons ainsi été invités à nous montrer solidaires, sous prétexte qu'il s'agissait là de la seule manière de vaincre le virus. Pendant un bref instant, nous avons eu l'impression que la pandémie allait tous nous rapprocher à l'échelle planétaire.**

Aujourd'hui, un an plus tard, nous constatons qu'au contraire les inégalités ont partout été révélées au grand jour et tout prête à croire que la situation ne fera que s'aggraver dans les mois et les années à venir.

Rien que pour l'approvisionnement en vaccins, on a constaté que plusieurs pays se sont précipités pour obtenir du vaccin en quantité suffisante, sans prendre d'égard pour les autres pays. Les Européens ont au moins imposé une commande commune de vaccins, si bien que chaque État membre reçoit bien des livraisons réparties équitablement. Mais une fois que les pays pauvres, surtout ceux du tiers monde ont enfin pu contacter les firmes pharmaceutiques, il n'y avait plus de doses de vaccins disponibles à court terme.

Même si maintenant ces firmes pharmaceutiques se sont engagées à vendre jusqu'à 3,5 milliards de doses de vaccins au prix de revient aux pays émergents, ces pays devront attendre encore longtemps jusqu'à ce qu'ils les reçoivent et qu'ils puissent lancer chez eux une campagne de vaccination digne du nom. Reste à voir si les pays concernés seront en mesure de financer un volume aussi important de vaccins même s'ils les obtiennent au prix de revient.

Dans les pays développés, la pandémie a aussi creusé le fossé entre les gens riches et les gens pauvres. Il a été démontré que les gens qui touchent un revenu modeste sont plus rapidement atteints du virus que ceux qui perçoivent un revenu plus élevé. Les gens qui vivent dans une grande maison unifamiliale ont nettement moins souffert du confinement que ceux qui sont installés dans de petits appartements. Les enfants équipés d'ordinateurs performants ont eu moins de difficultés à suivre l'enseignement à distance que ceux qui ne possèdent pas d'ordinateur ou ceux qui ont dû se servir d'équipements désuets. Dans le monde du travail, on a constaté que les gens non qualifiés ont perdu leur emploi plus rapidement que les personnes hautement qualifiées. Et ces dernières ont été en mesure de travailler à distance beaucoup plus facilement que celles qui ont un emploi peu qualifié.

La pandémie ne revêt pas un caractère démocratique. Elle discrimine particulièrement les personnes qui étaient déjà reléguées au deuxième voire au troisième rang. Cette crise révèle clairement ce qui distingue les gens et l'ampleur des différences sociales et économiques.

Tirer les leçons de cette crise et se préparer à la prochaine signifie de faire fi des problèmes à court terme et de reconnaître enfin la lutte contre les inégalités au sein de la société comme le défi politique central de notre temps, et cela non seulement au Luxembourg, mais partout dans le monde. Si on ne souhaite pas adopter un point de vue moral, il faut au moins se laisser guider par le bon sens. Cette pandémie ne se terminera qu'une fois qu'elle aura pris fin partout.

Une prochaine pandémie pourra être surmontée de façon plus efficace, plus rapide et de façon à s'accompagner de conséquences moins graves qu'à la condition que l'écart entre les riches et les pauvres pourra être réduit.

## Version luxembourgeoise

**Dës Pandemie weist eis wéi duerch ee Vergréisserungsglas all déi Ongläichheeten, déi et an der Welt gëtt.**

**Esou muss ee feststellen, datt d'Pandemie alt erëm déi äermst am meeschten trëfft. Dowéinst gëtt esou guer dës Kris nach schlëmmer fir jiddereen. Et ass héich Zäit, datt eng absolut politesch Prioritéit gesat gëtt, fir d'Differenz tëschent Räich an Aarm ze reduzéieren.**

Wéi d'Covid-Pandemie ausgebrach ass, hu mir all ugeholl, datt de Virus jidderee gläich géif treffen, ob räich oder aarm. Mir goufe jo och opgeruff zesummenzestoen, well nëmmen da kéint de Virus iwverwonne ginn. Mir haten ee kuerzen Ament den Androck, datt déi Pandemie eis all, weltwäit, nees zesumme géif bréngen. Elo, ee Joer duerno, gesi mer, datt déi Pandemie d'Ongläichheeten an der Mënschheet grad extra opgedeckt huet an alles deit drop hin, datt dat an de nächste Joren nach schlëmmer gëtt.

Bei der Beschaffung vun den Impfstoffer huet ee scho gesinn, wéi eng Rei Länner sech virgedréckt hunn, ouni op aner Länner Récksiicht ze huelen. Op mannst hunn d'Europäer duerchgesat, datt d'Impfstoffer gemeinsam bestallt gi sinn an esou all Member-Staat gläich beliwwert gouf. Wéi awer déi aarm Länner, besonnesch déi aus der Drëtter Welt, sech bei de Pharma-Konzerner bis melle konnten, ware keng Impfstoffer méi do.

Och wann dës Konzerner sech elo engagéiert hunn, den aarme Länner bis zu 3,5 Milliarden Impfdosen zum Gestehungspräis ze verkafen, esou wäerten déi betraffe Länner nach laang musse waarden, bis si déi effektiv kënne kréien an eng seriö Impfcampagne bei sech kënne starten. Et bleift da nach ze gesinn, ob déi betraffe Länner sech iwverhaapt esou vill Impfdosen kënne leeschten.

Och an den entwéckelte Länner huet d'Pandemie de Gruel tëschent Räich an Aarm vergréissert. Mir hu gesinn, datt Leit mat bescheidenem Akommes méi schnell vum Virus erkrankt sinn, wéi Leit mat engem héijen Akommes. Leit, déi an engem groussen Eefamilljenhaus wunnen, hu manner ënnert dem Confinement an dem Lockdown gelidden, wéi déi, déi a klengen Appartermenter wunnen. Kanner, déi iwver performant PCe verfügen, konnte besser am Homeschooling mathalen, wéi déi, déi kee PC oder nëmmen vereeltz Equipementer hunn. Am Aarbechtsalldag huet ee gesinn, wéi onqualifizéiert Leit vill méi séier hiren Job verluer hunn wéi héich qualifizéiert Leit. An déi qualifizéiert Leit konnten och vill méi liicht Homeoffice maache wéi déi wéineg qualifizéiert.

Déi Pandemie ass net demokratesch, well se diskriminéiert déi Leit weider, déi scho virun der Pandemie an der 2. oder an der 3. Rei stoungen. Dës Kris weist däitlech, wat eis Mënschen ënnerscheet a wéi bedeitend déi sozial a wirtschaftlech Differenzen nach ëmmer sinn.

D'Léieren aus dëser Kris ze zéien a sech op déi nächst virzebereeden, heescht iwwer déi kuerzfristeg Problemer ewech ze kucken an endlech d'Ongläichheeten an der Gesellschaft als déi zentral politesch Erausforderung vun eiser Zäit unzeerkennen an dat net nëmmen zu Lëtzebuerg mee iwwerall. Wann ee kee moralesche Standpunkt wëllt unhuelen, da soll ee sech dach vum Verstand leede loossen. Dës Pandemie ass eréischt eriwwer, wa se iwwerall eriwwer ass.

Eng nächst Pandemie kann nëmme besser a méi schnell bekämpft ginn mat mander schlëmme Konsequenzen, wann de Gruef tëschent Aarm a Räich méi kleng gëtt.